# EIS GEMENG

Magazine d'information
de la Ville de Rumelange



N° 4
10/2025

Sous la responsabilité du Collège des bourgmestre
et échevins de la Ville de Rumelange.

STAD RËMELENG

# EDITO

## Virwuert vum Buergermeeschter





**LU | Léif Matbiergerinnen! Léif Matbierger!**

Iert de Summer dann offiziell eriwwer war, konnten eis Rëmelenger Kanner Enn Juli an Ufank August nach eemol am traditionelle „Spill a Spaass“ spillen, bastelen a nei Frëndschafte knäppen. De September ass dann dee Mount, bei deem nees alles un d’Rulle kënnt. Esou zum Beispill de Schoulufank um 15. September. Kuerz dono, den 23. September, war déi offiziell Ouverture vum neien Deel vum SEA, bei där och den Educatiounsminister Claude Meisch mat op der Plaz war. Als Buergermeeschter maachen dës Schrëtt mech houfreg, well se wichteg si fir eng adäquat Betreiung a Färderung vun eise Kanner ze garantéieren. Och am nationale Kalenner war dësen Hierscht e markanten Zäitpunkt: den 3. Oktober hu mir den historeschen Trounwiessel gefeiert, dee fir Lëtzebuerg eng nei Ära ageleet huet.

Elo riichte mir eise Bléck hei zu Rëmeleng op déi méi eeler Generatioun. D’Seniorefeier de 14. Oktober ass e wichtegt Evenement, bei deem mir als Gemeng all deene Merci soen an eise Respekt weisen, déi eis Stad iwwer vill Joer gepräägt hunn. Rëmeleng lieft vum Zesummenhalt tëscht de Generatiounen – vun der Jugend bis bei eis Senioren. Ech freeë mech, zesumme mat Iech eis Stad weider ze stäerken an eng flott Plaz fir jiddereen ze schafen.

**Henri Haine | Buergermeeschter**

**FR | Chères concitoyennes ! Chers concitoyens !**

Avant que l’été ne soit officiellement terminé, nos enfants de Rumelange ont pu, fin juillet et début août, profiter une fois de plus du traditionnel « Spill a Spaass », pour jouer, bricoler et se faire de nouvelles amitiés. Le mois de septembre a ensuite marqué le retour à un rythme plus soutenu. Par exemple, la rentrée scolaire a eu lieu le 15 septembre. Peu après, le 23 septembre, a eu lieu l’inauguration officielle de notre nouveau bâtiment du SEA, en présence du Ministre de l’Éducation, Claude Meisch. En tant que bourgmestre, je suis naturellement très fier, car cette étape est essentielle pour garantir un encadrement et un soutien adéquats à nos enfants. Au niveau national, cet automne a également marqué un moment historique : le 3 octobre, nous avons célébré la passation de trône, qui ouvre une nouvelle ère pour le Luxembourg.

À Rumelange, nous tournons maintenant notre regard vers la génération plus âgée. La fête des seniors, le 14 octobre, est un événement important, au cours duquel la commune exprime sa gratitude et son respect envers toutes celles et ceux qui ont marqué notre ville au fil des années. Rumelange vit de la solidarité entre les générations – de la jeunesse jusqu’à nos seniors. Je me réjouis de continuer, avec vous, à renforcer notre ville et à en faire un lieu agréable pour chacun.

**Henri Haine | Bourgmestre**

**Éditeur**
Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Rumelange
2 place G.-D. Charlotte | L–3710 Rumelange

Tél. : +352 56 31 21 – 1 | www.rumelange.lu
secretariat@rumelange.lu | Stad Rëmeleng
Comité de rédaction : Service de la Culture et des Sports

**Imprimeur**
Imprimerie Reka
Imprimé sur du papier 100 % recyclé.

**© Photos**
Service de la Culture
et des Sports

**Layout & illustrations**
101

Klima-Bündnis Lëtzebuerg
NaturPakt – Meng Gemeng engagéiert sech
PacteClimat – European Energy Award – Ma commune s’engage pour le climat

# EVENTS

## Wat war lass an eiser Gemeng?

### TRAIL DES MINES
29.06.2025

Den 29. Juni 2025 war déi drëtten Editioun vum Trail des Mines powered by Smartform, organiséiert vun der Escher Kulturlaf A.s.b.l. De Start war beim „Maschinneschapp" beim Musée hei zu Rëmeleng, wou 172 Fraen an 393 Männer un den Depart gaange sinn.

Tëschent zwou verschiddenen Distanze konnt ee wielen: eng Kéier 14 km an eng Kéier 20 km, woubäi bei béide Parcoursen ëmmer een Deel duerch d'Galerie gelaf gouf.

Bei de Fraen war et d'Camila Chaves, déi iwwert 14 km déi bescht Zäit konnt maachen, d'Anouk Geraets, déi zweetbescht, an d'Sandra Lieners, zesumme mam Laura Grober, déi drëttbescht. Bei de Männer iwwert déi 14 km waren et dann op éischter Plaz de Kevin Steffen, op der zweeter den Eric Meyers, an op der drëtter de Rëmelenger Sacha Rohmann.

Iwwert d'Distanz vun 20 km war et bei de Fraen d'Stana Bosic op der éischter, Shefi Xhaferaj op der zweeter, an d'Mélissa Galvez op der drëtter Plaz. Als Gewënner iwwert déi 20 km bei de Männer war et dann de Max Lallemang, direkt virum Kevin Thill op der zweeter, an dem Toni Veigas op der drëtter Plaz.





### COMMÉMORATION UPAFIL
05.07.2025

Samedi, le 5 juillet, a eu lieu la cérémonie commémorative de l'UPAFIL à Rumelange, au monument « Jericho », situé derrière l'hôtel de ville. Lors de cet hommage solennel, nous avons honoré 26 héros nationaux, ainsi que toutes les victimes de la Seconde Guerre mondiale. Des représentants de différentes organisations ont déposé des gerbes en signe de mémoire et de respect.

### OFSCHLOSS-FEST VUM SPILL A SPAASS
08.08.2025

Zwou Woche laange konnte sech déi Rëmelenger Kanner an de Vakanzenaktivitéiten „Spill a Spaass" amuséieren. Dono ass et dann och Traditioun, datt um leschten Dag een Ofschlossfest organiséiert gëtt. Op dëser Plaz seet d'Stad Rëmeleng alleguerten deene Leit Merci, déi gehollef hunn dat ganzt op d'Been ze stellen an natierlech och een décke Merci un déi Rëmelenger Kanner fir déi flott zwou Wochen.






# BIKE & BREAKFAST, BROCANTE, FAMILLJEFEST

21.09.2025

Dans le cadre de la Semaine de la mobilité, la Ville de Rumelange s'engage chaque année à promouvoir la mobilité douce. Ainsi, le 21 septembre de cette année, un petit-déjeuner équitable a été organisé, accompagné d'une balade à vélo, qui a malheureusement dû être annulée en raison des mauvaises conditions météorologiques. Parallèlement, un stand de seconde main avec des articles de sport, un marché aux puces ainsi qu'une fête familiale ont eu lieu.























# AWEIUNG VUN DER MAISON RELAIS

23.09.2025

Den 23. September, war hei zu Rëmeleng déi offiziell Aweiung vun dem neie Gebai vum „SEA Roude Fiels". Mat op der Plaz war och den Educatiounsminister Claude Meisch. Um 16h00 ass et lassgaangen, mat enger Begréissung duerch de Buergermeeschter Henri Haine, mat uschléissendem Duerchschneide vum Bändchen, als Zeeche vun der offizieller Aweiung. Nodeems de „Chargé de direction" vum SEA, Sacha Rohmann, zesumme mam Educatiounsminister, dem Rëmelenger Gemengerot an alleguerten den Invitéeën, déi um Bau vum neie Gebai bedeelegt waren, een Tour duerch d'Gebai gemaach huet, gouf et eng Ried vum Buergermeeschter an dem Educatiounsminister.

# PROJETS

## Realiséiert Projeten





Les premières nouvelles poubelles sont arrivées en stock à Rumelange. Nos équipes du service régies ont construit un support spécial afin d'assurer la décharge et la gestion du stock des poubelles.

**La ville de Rumelange rappelle également à ses citoyens de bien vouloir remplir et remettre les formulaires pour les nouvelles poubelles. À partir de janvier 2026, les anciennes poubelles ne seront plus vidées.**









**Studenten am Déngscht vun der Konscht**
Noémie & Mélanie FEIEREISEN




↑ **Renovéiert Dier**
2, Rue Nicolas Pletschette



↑ **Aarbechten un der Trap an der rue Haute**




↑ **Nouveau Terrain synthétique** pour l'US Rumelange



↑ Souscouche



# AGENDA

All d'Informatiounen zu den Eventer am Rumelagenda fannt Dir ëmmer op eiser Websäit:
*www.rumelange.lu/tous-les-evenements*

## **November** / Novembre 2025



**MARCHÉ MENSUEL**
**07.11.2025**
*Freideg/Vendredi*
Place G.-D. Charlotte



**DAG VUM BAM**
**15.11.2025**
*Samschdeg/Samedi*
Parc Municipal



**WELTMÄNNERDAG WANTERGRILLEN**
**19.11.2025**
*Mëttwoch/Mercredi*
Ancien Abattoir



**LAUREATEFEIER**
**28.11.2025**
*Freideg/Vendredi*
Centre Culturel



**SELF-DEFENSE COURS FRAEN**
**29.11.2025**
*Samschdeg/Samedi*
Multisall Sauerwisen

## **Dezember** / Décembre 2025





**BOARBELENDAG**
**04.12.2025**
*Donneschdeg/Jeudi*
Centre Culturel



**CHRËSCHTMOART**
**05.–07.12.2025**
Place G.-D. Charlotte



**SCHOUL-CHRËSCHTMOART**
**08.12.2025**
*Méindeg/Lundi*
Place G.-D. Charlotte



**SPILLSAACHE-SAMMLUNG**
**10.12.2025**
*Mëttwoch/Mercredi*



**MAISON RELAIS WANTERMOART**
**12.12.2025**
*Freideg/Vendredi*
Maison Relais



# VOTRE ACCÈS GRATUIT AU SAVOIR

Inscrivez-vous en ligne en quelques clics et explorez une panoplie de contenus : livres, films, musique et bien plus vous attendent.

Bibliothèque nationale du Luxembourg

BEYOND BOOKS